association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 23. November 2019

Iwwerstonnen am Secondaire

An eise Lycéeën leeschten d'Enseignanten säit Joren eng grouss Zuel vun Iwwerstonnen. Meeschtens net well si sech langweilen oder fir e Kolleeg z'ersetzen, dee kuerzfristeg krank ginn ass, mä well en ëmmer méi akuten Enseignantsmangel besteet. Mir schwätzen also hei haaptsächlech vun Iwwerstonnen, déi vum éischten bis zum leschten Dag vum Schouljoer gehale ginn. Vun eise Kolleege wësse mir, datt dës Situatioun oft zu chroneschem Stress an Iwwerbelaaschtung féiert. Ouni déi vill Iwwerstonnen wier de Secondairesschoulbetrib awer net oprecht z'erhalen. Dem Educatiounsministère, an dem Staat allgemeng, ass déi Situatioun säit laangem bekannt a passt ganz gutt an de Krom, well deen Modus operandi wesentlech méi bëlleg gëtt wéi nei Enseignanten anzestellen. Kucke mer eis emol e bësse méi genau un, firwat dat esou ass.

Eng Iwwerstonn, obschonns se genau de selwechten Aarbechtsopwand erfuerdert wéi eng "normal" Schoulstonn, gëtt nëmmen zu 36/52 bezuelt, mat der Begrënnung, an de Schoulvakanzen géife jo keng Iwwerstonnen gehale ginn. D'Tâche vum Enseignant gëtt awer net op d'Woch mä op d'Joer fest geluecht a bei enger "normaler" Schoulstonn gi keng Vakanzen eraus gerechent, sou wéi dat jo an anere Beruffer och net de Fall ass. D'Realitéit ass, datt déi Spuermoossnam wärend der Stolkris agefouert a ni méi réckgängeg gemaach gouf.

Doriwwer eraus ginn och d'Koeffizienter, déi op "normal" Schoulstonnen ugewannt ginn fir dem Aarbechtsopwand, ofhängeg vum Klasseniveau an der Schülerzuel, Rechnung ze droen, net op Iwwerstonnen ugerechent, sou wéi wann den Aarbechtsopwand fir eng Iwwerstonn net mat der Schülerzuel an dem Niveau vun der enseignéierter Matière géif klammen.

Fir déi Zäit, déi en Enseignant selwer krank geschriwwen ass, kritt hien just seng Tâche réglementaire bezuelt. D'Iwwerstonne ginn do eraus gerechent. Firwat, wann den Enseignant jo awer d'ganzt Joer déi Iwwerstonnen hält, se also de facto zu senger Tâche gehéieren?

Ënnert dem Strëch bedeit all dat, datt en Enseignant, dee bereet ass Iwwerstonnen ze maachen an domat d'schoulesch Ausbildung vun eise Jugendlechen sécher ze stellen, 30-50% manner dofir bezuelt gëtt! Dat ass an eisen An eng systematesch Diskriminatioun vis-à-vis vun de Kolleegen, déi keng Iwwerstonnen halen an och vis-à-vis vun allen anere Beruffer, wou Iwwerstonnen normalerweis d'selwecht oder besser a net vill méi schlecht wéi "normal" Aarbechtsstonne bezuelt ginn.

Säit laangem maache mir den Educatiounsministère op dës Ongerechtegkeet opmierksam. Mir krute virun de Parlamentswalen 2018 verséchert, et wier een sech bewosst, datt dëse Problem géif dausende Leit betreffen an an d'Léisung géif an d'Hausaufgabebuch fir d'Koalitiounsverhandlungen

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

vun de nächsten Regierungspartner gesat ginn. Reegelméisseg Iwwerstonnen misste besser bezuelt ginn. Dat géif doudsécher an de Volet vun de Gehälterverhandlungen geschriwwen.

Wéi vill Iwwerstonnen genau geleescht ginn, wësse mir net, well den Educatiounsministère eis op Nofro matgedeelt huet, si géife keng Statistiken doriwwer féieren. Déi erfuerderlech Zuelen kéinten nëmmen mat groussem Opwand generéiert ginn, mä mir géifen déi kréien. Bis haut hu mir se net.

Am Kader vun der rezenter Harmoniséierung beim Staat ass déi systematesch Diskriminatioun vum Enseignant am Secondaire an eisen An nach manner ze rechtfäerdegen.

Gedoen huet sech an dësem Dossier an där ganzer Zäit eises Wëssens no näischt. Mir sinn der Meenung, datt déi aktuell Iwwerstonnesituatioun illegal ass a sech dringend ännere muss.

Gilles Everling
President vun der APESS

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426